



N°7080
Entrée le 27.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 27.10.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. Oktober 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister an un den Här Héichschoulminister weiderzeleeden.

Lëtzebuerg ass e Land mat ville kulturellen Institutiounen, Muséeën, Galerien, Theateren, Filmstudioen a Concertssäll. Zugläich bitt eist Land prestigiéis kulturell Manifestatiounen un, déi vill Leit aus dem Ausland unzéien. Duerch „Esch 2022“ huet Lëtzebuerg am Ablack d'Méiglechkeet, seng Konscht a Kultur och no baussen hin ze promovéieren an ze demonstréieren. Trotzdeem huet Lëtzebuerg bis elo keng eegen Héichschoul fir Konscht. Dofir mussen all déi Lëtzebuerger Studenten, déi spéider eng Konschtkarriär maache wëllen, an d'Ausland studéiere goen, wou si oft mat der Fro konfrontéiert ginn, firwat si keng entsprechend Ausbildungsméiglechkeeten an hirem eegene Land hunn.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister an un den Här Minister:

- 1) Kann den Här Minister preziséieren, wéi vill Lëtzebuerger Studenten am Ablack op auslänneschen Héichschoule Konscht studéieren? Wéi fächert sech déi Zuel op no Konschtrichtungen (Beaux-Arts, Fotografie, Theater, Danz, Filmkonscht, Design, Moud, Musek, asw.)? Wéi huet sech déi Zuel an deene leschte fënnef Joer entwéckelt?
- 2) Wéi steet d'Regierung zur Iwwerleeung, datt et fir eist Land international vu grousser Bedeitung wier, iwwer eng eegen Héichschoul fir Konscht ze verfügen?
- 3) Gesäit den Här Minister alternativ d'Méiglechkeet, déi genannt Konschtrichtungen op der Uni Lëtzebuerg anzeféieren?
- 4) Ginn et aktuell Gespréicher mat de Verrieder vun der Lëtzebuerger Kulturzeen, fir dës Iwwerleeungen am Hibleck op hir Realiséierungsméiglechkeete weider auszebauen? Wann nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Enseignement supérieur
et de la Recherche

Le Ministre

Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Héichschoul a Fuerschung, Claude Meisch a vun der Kulturministesch, Sam Tanson, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7080 vum honorabelen Deputéierten Fred Keup iwwer d'Studien am Beräich vun der Konscht

Den Tableau hei drënner gëtt, op Basis vun der Datebank vun de Studiebäihëllefen, en Iwwerbléck iwwer d'Residentstudenten, déi an de leschte Joren am Ausland Konscht studéiert hunn:

Domaine de formation	2016-2017	2017-2018	2018-2019	2019-2020	2020-2021	2021-2022
Arts	458	421	403	407	403	393
Beaux-arts	27	21	23	20	40	49
Musique et arts du spectacle	194	223	207	239	243	256
Stylisme/conception	42	45	56	69	75	83
Techniques audiovisuelles et production média	164	202	199	205	236	237
Total	885	912	888	940	997	1018

D'Kreatioun vun enger Héichschoul fir Konscht zu Lëtzebuerg, déi den honorabelen Deputéierten a senger parlamentarescher Fro thematiséiert, war schonn de Sujet vun der parlamentarescher Fro Nr. 5823 vum 24. Februar 2022 vun der Deputéierter Djuna Bernard, déi de 24. Mäerz 2022 ausféierlech beäntwert gouf.

An dësem Kontext sief rappeléiert, dass d'Kreatioun vun enger Héichschoul fir Konscht zu Lëtzebuerg net am Regierungsprogramm 2018 – 2023 virgesinn ass. Et kann een awer signaléieren, dass de Lycée des Arts et Métiers véier Programmer ubitt, déi zu engem BTS (Brevet de technicien supérieur) am Beräich vun den "Arts appliqués" féieren. Et handelt sech ëm d'Programmer "Dessin d'animation", "Cinéma et audiovisuel", "Réalisateur graphique" a "Game Art and Game Design", an deenen an de leschte Joren all Kéiers méi wéi 80 Studenten am Ganzen ageschriwwen waren. D'Universitéit Lëtzebuerg bitt e Bachelorprogramm am Beräich "Animation" un, dee sech u Studenten adresséiert, déi schonn Erfarungen am Beräich vum "Dessin d'animation" kënnen opweisen, zum Beispill am Kader vum genannte BTS-Programm.

Am Juni 2021 hat de Ministère fir Héichschoul a Fuerschung en Austausch mat eenzele Verrieder vun der Lëtzebuenger Kulturzeen.

Lëtzebuerg, den 30. November 2022

De Minister fir Héichschoul a Fuerschung

(s.) Claude Meisch